**Question écrite n°845** - Sujet : Renforcement des droits du père

**Auteur(s)** : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
**Destinataire(s)** : Monsieur Félix Braz, Ministre de la Justice
**Date limite de réponse à la question** : 19-02-2015

**Evènement(s) :**

| Date | Description | Liens |
|---|---|---|
| 19-01-2015 | Dépôt de la question | Document écrit de la question |
| 12-02-2015 | Réponse écrite de Monsieur Félix Braz, Ministre de la Justice | Document écrit de la réponse |

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 JAN. 2015
845

Lëtzebuerg, de 19. Januar 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Den europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter huet am Fall vun enger Koppel, déi iwwer d'Emgangsrecht vum Papp gestridden huet, d'däitsch Justiz gerügt. D'Gesetzer hätte Lacunen an d'Rechter vum Papp géingen an Däitschland net konsequent genuch verdeedegt ginn. D'Geriicht huet gefuerdert, mat Geldstrofen d'Recht vum Papp duerchzesetzen, an d'Prozeduren viru Geriicht méi kuerz ze maachen. Duerfir meng Froen un den Här Justizminister:

1. Ass dat Urteel vum Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter hei zu Lëtzebuerg zur Kenntnis geholl ginn?
2. Denkt den Här Minister drun, d'Lëtzebuerger Gesetzer am Liicht vun dësem Stroossbuerger Urteel unzepassen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 12 février 2015
Réf : QP-01/15

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
12 FEV. 2015

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°845 du 19 janvier de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

Je vous prie de trouver en annexe la réponse de mon département à la question parlementaire sous rubrique.

Je vous prie, Monsieur le Ministre, de croire en l'expression de mes sentiments très distingués.

Félix Braz
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu

136-000144 20041018-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vum Här Félix BRAZ, Justizminister, op d'parlamentaresch Ufro n°845 vum 19. Januar 2015 vum honorabelen Här Fernand Kartheiser**

De Justizministère stellt fest datt dat Urteel géint Däitschland vum europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter ganz rezent ass an huet et zur Kenntnis geholl.

Déi virecht Regierung huet den 11. Abrëll 2008 e Gesetzprojet iwwert d'responsabilité parentale an der Chamber deposéiert. Do ass virgesinn, am Interêt vum Kand, eng Egalitéit an de Rechter vun deenen zwee Elteren ze schafen. D'Regel gëtt e gemeinsamt Ausüben vun der autorité parentale, ausser a grawe Fäll.

Am Moment schaffen d'Servicer vum Justizministère un enger fundamentaler Reform die esouwuel die gemeinsam elterlech Rechter konsakréiert fir all Elteren an fir all Situationen, wie och d'Schafen vun de sougenannten „ JAF „ d.h juge aux affaires familiales, fir d'Prozeduren fir Rechter vun den Kanner an och den Elteren ze vereinfachen an méi schnell ze man .

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu